ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 6. November 2019

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Schoulminister an un den Här Minister vum Effentlechen Déngscht weiderzeleeden.

Am Enseignement sinn aktuell (Stand September 2019) an der Proffekarriär (A1) 603 *Candidats sursitaires* beschäftegt, also Proffen, déi no den deemolege Bestëmmungen – déi ë.a. e verflichtenden *Travail de candidature* virgeschriwwen hunn – hire Stage nach net ofgeschloss hunn. Vue datt aktuell esouwuel den *Travail de candidature* ewëchfällt, wéi och d'Stagezäit verkierzt gouf, sinn d'*Candidats sursitaires* mat enger ganzer Rei un Ongerechtegkeete konfrontéiert, déi virun allem finazieller Natur sinn, awer och am Beräich vun den Altersdéchargen. D'Féduse huet an deem Kontext en Dokument veröffentlecht mat enger ganzer Rei u Léisungsvirschléi.

D'Chamber hat den 11. Juli 2019 eng Motioun ugeholl an där d'Regierung opgefuerdert gouf, datt fir d'Rentrée 2019/2020 sollte Moosnahme proposéiert ginn fir der Diskriminatioun vun de *professeurs sursitaires* en Enn ze setzen.

An deem Kontext géif ech dem Här Schoulminister an dem Här Minister vum ëffentlechen Déngscht gär dës Froe stellen:

1. Sinn déi Häre Ministeren der Meenung, datt am Hibléck op déi nei Stage-Konditioune vun de Proffen och d'*Candidats sursitaires* musse fair behandelt ginn?
2. A wéi engem zäitleche Kader ka mat enger Verhandlungsléisung gerechent ginn? Gëllt dës da réckwierkend op d'Rentrée 2019?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742